**N° 4162**
Reçue le 27.04.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 26. Abrëll 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng Fro Nummer 3933 schreift den Här Staatsminister, datt d'Regierung de 24. Januar 2020 d' Antisemitismusdefinitioun vun der IHRA ugeholl hätt.

An deem Kontext wéilt ech dem Här Staatsminister nach gär des Nofro stellen:

1) Kéint den Här Staatsminister preziséieren, ob d'Regierung mat der uewen zitéierter Decisioun och d'Aarbechtsbeispiller zu der Antisemitismusdefinitioun vun der IHRA iwwerholl huet?
2) Falls d'Äntwert op meng Fro hei uewen driwwer "nee" wier, kéint den Här Staatsminister da kuerz elaboréieren, wéi dës Decisioun motivéiert war?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 26 mai 2021

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

**Objet:** **Réponse de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, à la question parlementaire n°4162 posée le 26 avril 2021 par l'honorable Député Monsieur Fernand KARTHEISER concernant la définition de travail de l'antisémitisme de l'IHRA.**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

Ministre d'État

2, place de Clairefontaine
L-1341 Luxembourg

Tél. : (00352) 2478-2100
Fax : (00352) 46 17 20

Adresse postale :
L-2910 Luxembourg

ministere.etat@me.etat.lu
www.gouvernement.lu

**Äntwert vum Här Staatsminister op d'parlementaresch Fro n°4162 vum 27. Abrëll 2021 vum Honorabelen Deputéierten Fernand KARTHEISER.**

D'Regierung huet d'Antisemitismusdefinitioun vun der IHRA ouni d'Beispiller ugeholl.

Am Kader vun den débats parlementaires iwwert d'Motioun vun den Hären Deputéierten Laurent Mosar a Mars Di Bartolomeo huet den Här Deputéierten Di Bartolomeo kloer gesot: *"Mir hu bewosst op iergendwellech Beispiller verzicht, well mer dobäi riskéiert hätten, Wichteges ze vergiessen. A mir hunn opgepasst, dass Antisemitismus a Kritik un der Politik an den Aktioune vun Israel als Stat net an een Dëppe gehäit ginn."*

D'Decisioun vun der Regierung respektéiert déi Motioun, déi och vun Iech matgestëmmt gouf.